LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4521 vum 22. Juli 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Fred Keup.**

1. **Kann d'Madamm Minister preziséieren, ob et zu Lëtzebuerg méiglech ass, als Dokter an enger Klinik ze schaffen, ouni déi franséisch Sprooch ze beherrschen, wann een Däitsch schwätzt?**

2. **Kann d'Madamm Minister preziséieren, ob et zu Lëtzebuerg méiglech ass, als Dokter an enger Klinik ze schaffen, ouni déi däitsch Sprooch ze beherrschen, wann ee Franséisch schwätzt?**

D'Ausübung vum Dokteschberuff zu Lëtzebuerg ënnerläit de Konditiounen, déi an der *loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire* virgesi sinn.

3. **Ginn et ministeriell Richtlinnen oder intern Reegelen an de Klinicken, déi festleeën, a wéi enger administrativer Sprooch medezinesch Berichter verfaasst musse ginn? Wa jo, op wéi enger gesetzlecher Grondlag baséieren dës?**

Et gëtt keng allgemeng ministeriell Direktiv, déi virschreift datt eng bestëmmt Sprooch muss benotzt gi beim Verfaasse vu medezinesche Rapporten an de Spideeler.

De gesetzleche Kader enthält verschidde relevant Bestëmmungen am Beräich vun der Dokumentatioun vun de Fleegeleeschtungen an der Informatioun vum Patient. Sou gesäit den Artikel 17 vum *Code de déontologie des professions de médecin et de médecin-dentiste* vir, datt den Dokter oder den Zänndokter seng Leeschtungen no senger professioneller Method dokumentéiert.

An dësem Kontext kënnen eenzel Modalitéite fir d'medezinesch Dokumentatioun um Niveau vun de Spideeler festgeluecht ginn, ënner anerem am Hibléck op d'Organisatioun vun de Servicer, d'Zesummesetzung vun den Ekippen an d'Kommunikatiounsbesoinen, déi fir d'Kontinuitéit an d'Qualitéit vun der Versuergung vun de Patienten néideg sinn.

Allgemeng geet et drëm, eng medezinesch Dokumentatioun ze garantéieren, déi eng kloer, präzis an zouverlässeg Transmissioun vun den Informatiounen erméiglecht, déi fir d'Kontinuitéit an d'Sécherheet vun der Versuergung vun de Patienten néideg sinn.

4. **Ass d'Madamm Minister der Meenung, datt et mam Sproochegesetz vereinbar ass, Dokteren ze verflichten, medezinesch Berichter ausschliisslech op Franséisch ze verfaassen, wann Däitsch eng gläichberechtegt administrativ Sprooch ass?**

D'Madamm Minister verweist op hir Äntwert op d'Fro 3.

Lëtzebuerg, den 25. August 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez